LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 1981 vum 26. Februar 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert d'Aféiere vun enger Geschwindegkeetsbegrenzung op der N5.

D'Äntwert op d'parlamentaresch Ufro n°7082 vum 27. Oktober 2022 vum honorabelen Deputéierten huet déi Thematik schonn ausféierlech behandelt.

Am August 2023 sinn nei ministeriell Richtlinnen zu Verkéiersberouegungen „Apaisement de la circulatioun – Verkehrsberuhigung" veréffentlecht ginn.

An dëser Publikatioun gëtt detailléiert erklärt wéieng verschidde Moossnamen et ginn a wou dës Mesurë machbar sinn. Déi verschidden administrativ Schrëtt an déi ze féierend Demarchë ginn och an dëse ministerielle Richtlinnen erkläert.

Et sief awer drop higewisen, dass d'Initiativ fir Moossnamen zu der Verkéiersberouegung innerhalb vun enger Uertschaft an d'Zoustännegkeet vun der territorial zoustänneger Gemeng falen, och wann et sech ëm eng Staatsstrooss handelt.

Falls eng Gemeng also feststellt, dass déi maximal zoulässeg Geschwindegkeet (zum Beispill 50 Kilometer an der Stonn) net respektéiert gëtt, ka si bei der regional zoustänneger Déngschtstell vun der Stroossebauverwaltung eng Beschreiwung vu konstruktive Moossnamen, déi zu der Verkéiersberouegung bäidroe kéinten, op Basis vun enger Ufro fir eng "Permission de voirie" areechen.

Den Inhalt vun der Ufro fir d'"Permission de voirie" an d'Prozedur, déi ze befollegen ass fir eng Moossnam fir eng Verkéiersberouegung op enger Staatsstrooss ëmzesetzen, sinn an der Fiche A14 vun der uewe genannter Publikatioun detailléiert beschriwwen. Weiderhi kann ech och bestätegen, dass et am Kader vun enger gemeinsamer regionaler Verkéiersetüd scho Gespréicher mat der Gemeng Péiteng gouf, fir verschidden Deeler vun der Route de Longwy / Route de Luxembourg (N5) ze berouegen.

Op Basis vun den Informatioune vum STATEC, an de gefrote Krittären, ass den Tableau heidrënner erstallt ginn. Fir d'Joer 2024 leien nach keng Donnéeë vir. Et ass wichteg ze notéieren, dass d'Statistik sech op déi gesamt Nationalstrooss N5 bezitt an net op eng eenzel Gemeng oder Uertschaft begrenzt ass.

| | | Joren 2015 bis 2023 | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Kollisioun | Gravitéit vum Accident | 15 | 16 | 17 | 18 | 19 | 20 | 21 | 22 | 23 |
| Accidenter tëscht fuerende Gefierer | Déidlechen Accident | 0 | 0 | 1 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| | Schwéieren Accident | 1 | 5 | 2 | 2 | 4 | 2 | 0 | 3 | 2 |
| | Liichten Accident | 20 | 17 | 14 | 10 | 15 | 6 | 14 | 23 | 10 |
| | Total | 21 | 22 | 17 | 12 | 19 | 8 | 14 | 26 | 12 |
| Accidenter tëscht Gefierer a Foussgänger*innen a mobille Foussgänger*innen | Déidlechen Accident | 2 | 1 | 0 | 0 | 0 | 0 | 1 | 0 | 0 |
| | Schwéieren Accident | 3 | 3 | 1 | 0 | 0 | 2 | 1 | 0 | 0 |
| | Liichten Accident | 5 | 2 | 5 | 4 | 6 | 3 | 0 | 7 | 3 |
| | Total | 10 | 6 | 6 | 4 | 6 | 5 | 2 | 7 | 3 |

Follgendes gëtt et als Erklärung fir den Tableau heidriwwer ze beuechten.

**Definitioun:**

- **Schwéieren Accident**: En Accident, wou op d'mannst eng Persoun, déi am Accident involvéiert war, esou blesséiert gouf, dass si direkt nom Accident fir op d'mannst 24 Stonnen hospitaliséiert gouf.
- **Liichten Accident**: En Accident, wou op d'mannst eng Persoun liicht blesséiert gouf, ouni dass eng Hospitalisatioun néideg war.
- **Déidlechen Accident**: En Accident, wou op d'mannst eng Persoun op der Plaz vum Accident oder bannent 30 Deeg un de Suitte vum Accident gestuerwen ass.

All Accident gëtt nëmmen eemol gezielt. En Accident mat souwuel liichte wéi schwéiere Blessure gëtt als schwéieren Accident gezielt.

**D'Limitte vun den Donnéeën.** Beim STATEC ginn nëmmen déi Accidenter mat Blesséierte registréiert, wou d'Police ee Procès Verbal opgeholl huet an déi op Stroossen aus dem lëtzebuergesche Stroossennetz, ëffentleche Parkingen, Gemengeweeër a Vëlosweeër geschitt sinn, déi fräi zougänglech befuerbar sinn.

Accidenter ouni Blesséierter ginn net beim STATEC registréiert.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

| |
|---|
| Et ass dobäi ze bemierken, dass Accidenter, an deenen et glécklecherweis nëmmen zu Materialschued komm ass, net integral statistesch erfaasst kënne ginn. Dat aus dem ganz einfache Grond, dass an esou Fäll net ëmmer d'Police op d'Plaz geruff gëtt, an d'Automobilist*innen dëst ënnert sech klären. |

Wat d'Konformitéit vun den Zebrasträifen op der N5 ubelaangt esou ass dee Sujet schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro  n°259 vum honorabelen Deputéierte vum 1. Februar 2024 traitéiert ginn.

D'Zebrasträifen op der "Route de Longwy" (N5) befannen sech inneruerts, deemno läit d'Reglementatioun vun dësen Zeebrasträifen am Kompetenzberäich vun der Gemeng Péiteng. D'Konformitéit nom Code de la Route muss deemno och vun der Gemeng kontrolléiert an assuréiert ginn. Well et sech awer ëm eng Staatsstrooss handelt, sinn eventuell Aarbechten/Ëmännerungen duerch eng sougenannt "Permission de voirie" ze autoriséieren.

Grondsätzlech fënnt ee reegelméissegen Austausch mat de Gemenge statt fir iwwert all méiglech Sujeten ze schwätzen déi d'Stroosseninfrastrukturen ubelaangt.

Lëtzebuerg, den 19. Mäerz 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes